N°3703
Entrée le 25.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie


**Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro N°3703 vum 26.02.2026 vum der honorabelen Deputéierten Marc Goergen.**

1. **Wéi vill Schëffer sinn, Stand haut, am lëtzebuergesche maritimme Regëster ageschriwwen? Wéi vill vun deene Schëffer :**
   - **hunn ee Gewiicht bis 500 Tonnen?**
   - **hunn ee Gewiicht vu 501 bis 5000 Tonnen?**
   - **hunn ee Gewiicht vu 5001 bis 25000 Tonnen?**
   - **hunn ee Gewiicht vu méi wéi 25001 Tonnen?**
   - **Wéi hunn sech dës Zuelen tëschent 2019 an 2025 entwéckelt?**

Am Moment sinn 195 Schëffer am maritimme Regëster agedroe mat engem Gesamtbruttoraumtonnage (GT) vun 1.365.382.

49 Schëffer sinn ënnert 500 GT;
87 Schëffer sinn tëschent 501 an 5000 GT;
42 Schëffer sinn tëschent 5001 an 25000 GT;
17 Schëffer sinn iwwer 25001 GT.

Zuel vun de Schëffer ass relativ stabel bliwwen iwwert déi lescht Joren. De Gesamtbruttoraumtonnage vun der Flott ass allerdéngs erofgaangen.



2. **Huet Lëtzebuerg eege militäresch maritim Mëttel, fir Schëffer, déi ënnert dem lëtzebuergeschem Pavillon fueren, ze beschützen?**

Lëtzebuerg huet keng eege militäresch maritim Mëttel. Lëtzebuerg huet allerdéngs säit 2012, nodeems d'international Recht et erlaabt huet, zougelooss, datt privat Sécherheetsfirmen op Lëtzebuerger Schëffer agesat kënne gi fir d'Schëffer an hiren Equipage ze beschützen. Vun 2012 bis elo sinn eng 324 entspriechend Autorisatiounen, zesumme mam Justizministère, ausgestallt ginn. Dëst Konzept war ganz efficace fir d'Schëffer géint Piratenattacken ze schützen.

3. **Notzt Lëtzebuerg, iwwer d'NATO, d'EU oder aner Kooperatiounsofkommesse mat anere Länner an Organisatiounen, militäresch maritim Mëttel, fir Schëffer, déi ënnert dem lëtzebuergeschem Pavillon fueren, ze beschützen?**

Lëtzebuergesch Schëffer kënne vun EU- an NATO-Operatiounen, déi oft ënnert engem UNO-Mandat operéieren, wéi z.B. „EUNAVFOR ATALANTA", „EUNAVFOR ASPIDES" oder d'Operatioun „Active Endeavour", profitéieren a beschützt ginn.

Lëtzebuerg huet och selwer un esou Missiounen deelgeholl, beispillsweis un der Missioun „EUNAVFOR ATALANTA" tëscht 2009 an 2012. Hei goufen zwee Iwwerwaachungsfligeren, déi op de Seychelle stationéiert waren, iwwert eng ëffentlech-privat Partnerschaft mat der zu Lëtzebuerg baséierter Firma „CAE Aviation" agesat. E weidert Beispill ass d'Operatioun „EUNAVFOR MED", wou en Iwwerwaachungsfliger, deen op Sizilien stationéiert war, am Kader vun der selwechter ëffentlech-privat Partnerschaft agesat gouf.

4. **Wéi eng Verantwortung huet Lëtzebuerg, wann ee Schëff ënner lëtzebuergeschem Pavillon an internationale Gewässer attackéiert oder blockéiert géif ginn?**

Dem internationale Recht, besonnesch der Konventioun vun de Vereenten Natiounen iwwer d'Séirecht (UNCLOS), entspriechend üübt de Flagestaat exklusiv Autoritéit a Jurisdiktioun iwwer seng Schëffer aus, notamment am internationale Gewässer. De Flagestaat ass de juristesche Garant vum Schëff. Wann d'Schëff attackéiert oder blockéiert gëtt, ass de Flagestaat matverantwortlech fir d'Sécherheet vum Schëff, dem Equipage an der Fracht ze garantéieren, oder eng Enquête duerchzeféieren an d'Interesse vum Schëff, vun dem Equipage an dem Armateur ze verdeedegen.

De 14. Mäerz 2026 ass d'Baggerschëff Zheng He, vum Lëtzebuerger Grupp Jan De Nul, dat säit dem 1. November 2023 wärend engem Hafestopp zu Tampico vun de lokalen Autoritéite blockéiert gouf, fräi komm. Den 3. Juni 2024 hat Lëtzebuerg dëse Fall virun den Internationale Séigeriichtshaff bruecht. Detailer heizou sinn op follgendem Site ze fannen: https://www.itlos.org/en/main/cases/list-of-cases/the-zheng-he-case-luxembourg-v-mexico/.

5. **Vu wéi enge Verwaltungen a wéi ginn d'Schëffer, déi op oppener Séi ënnert Lëtzebuerger Flagg fueren, kontrolléiert (zum Beispill an de Beräicher vum Aarbechtsrecht, Ëmweltschutz, Steieren, etc.)?**

Zu Lëtzebuerg ass de "Commissariat aux affaires maritimes" déi Verwaltung, déi fir d'Inspektioun an d'Zertifikatioun vun den Handelsschëffer, déi um Mier fueren, zoustänneg ass.

All Schëffer, déi am internationale Séihandel aktiv sinn, gi vun enger sougenannter "Klassifikatiounsgesellschaft" iwwerwaacht. Dëst si spezialiséiert Firmen, déi technesch Normen a Reegelen fir Schëffer ausschaffen an dës och kontrolléieren. Dëst fänkt mam Design an dem Schëffbau un, geet awer och weider iwwert d'ganz operativ Liewensdauer vum Schëff, an deem reegelméisseg Inspektiounen u Bord duerchgefouert ginn. All Schëffer, déi ënnert Lëtzebuerger Flagg fueren, si bei enger vun aacht esou Gesellschafte klasséiert, mat deene Lëtzebuerg een Ofkommes huet.

Doriwwer eraus mécht de "Commissariat aux affaires maritimes" och seng eegen Inspektiounen. Dofir gëtt et e Reseau vun Inspekteren uechtert d'Welt, déi am Numm vum "Commissaire aux affaires maritimes" a mat enger schëffspezifescher Checklëscht u Bord ginn an den techneschen Zoustand, mee och di sozial Konditiounen iwwerpréiwen. Esou eng Inspektioun gëtt ongeféier eemol am Joer duerchgefouert.

**6. Wéi vill Steierrecettë kommen duerch de Lëtzebuerger Pavillon an d'Staatskeess a wat ass de Käschtepunkt vum maritimme Register fir de Staat?**

De "Commissariat aux affaires maritimes" fält säit dem 01 Januar 2005 ënnert de Regime vun engem "Service de l'État à gestion séparée", a fir d'Joer 2025 si follgend Donnéeën disponibel :

| | |
|---|---|
| Dépenses: | **602 871.00€** |
| Rémunération du personnel: | **3 099 282.00€** |
| Total dépenses 2025: | **3 702 153.00€** |
| | |
| Recettes registre commercial: | **1 381 268.00€** |
| Recettes registre de plaisance: | **186 727.27€** |
| Total recettes 2025: | **1 567 995.27€** |

Laut enger Etude, déi „EY Lëtzebuerg" 2025 duerchgefouert huet, huet de „secteur maritime" ee geschätzte Gesamtëmsaz vun 11 Milliarden Euro, a beschäftegt méi wéi 2.222 Leit am Groussherzogtum. Et handelt sech deemno ëm e relevanten Wirtschaftszweig, deen Aarbechtsplazen a Recetten zu Lëtzebuerg generéiert.

Luxembourg, le 25/03/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles